ADR – ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 14. Juli 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Et ass evident, datt, wann ee Kriminalitéit a Gewalt effikass bekämpfe wëll, een och genee Statistike brauch.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Policeminister:

1. Wéi vill Mënsche sinn am Joer 2021 zu Lëtzebuerg Affer vu Gewalt ginn?
2. Wéi vill vun deenen Affer vu Gewalt ware Fraen? Wéi vill vun deenen Affer vu Gewalt ware Männer?
3. Kann den Här Minister dës Affer vu Gewalt no Alter, respektiv, Alterskategorie, opschlësselen?
4. Kann den Här Minister geographesch, no Gemengen, opschlësselen, wou dës Gewaltdote stattfonnt hunn?
5. Wéi vill vun dësen Affer vu Gewalt waren Awunner vu Lëtzebuerg? Wéi vill vun dësen Affer vu Gewalt koumen aus dem Ausland?
6. Kann den Här Minister d'Nationalitéiten opschlëssele vun deenen auslännesche Persounen, déi Affer vun enger Gewaltdot gi sinn?
7. Gëtt et och Statistiken, wat d'Täter ugeet? Wann jo wéi eng sinn dat a wéi stellen déi sech duer?
8. Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten